LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles , a vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4567 vum 4. August 2026 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig zum Sujet « Taxe de séjour et compétitivité du secteur Horeca ».

Froen 1. an 2.
Verfüügt d'Regierung iwwer Etüden, Analysen oder statistesch Donnéeën iwwert den Impakt vun der kommunaler "taxe de séjour" op d'Attraktivitéit a Kompetitivitéit vun den touristeschen Destinatiounen hei am Land an den Ëmsaz am Horeca-Secteur? Wa jo, wat sinn déi wichtegst Conclusiounen? Wann nee, ass virgesinn, esou Analysen duerchzeféieren?

Huet d'Regierung analyséiert, wéi sech déi kommunal "taxe de séjour" zu Lëtzebuerg am Verglach mat de Grenzregiounen an der Belsch, a Frankräich an an Däitschland positionéiert a wéi eng Auswierkungen dës Ënnerscheeder op d'Kompetitivitéit vum Lëtzebuerger Tourismus hunn?

Et sief dorop higewisen, datt et zu Lëtzebuerg keng national "taxe de séjour" gëtt an datt d'Regierung keng esou eng Tax virgesäit. D'Regierung verfüügt iwwert keng Donnée'en zum Impakt vun der kommunaler "taxe de séjour" op d'Attraktivitéit an d'Kompetitivitéit vun den touristeschen Destinatiounen zu Lëtzebuerg, op den Ëmsaz am Horeca-Secteur respektiv op d'Kompetitivitéit vum Lëtzebuerger Tourismus par rapport zur Grenzregioun.

Froen 3. an 4.
A wéi ville Lëtzebuerger Gemenge gëtt et aktuell eng "taxe de séjour"? Kann d'Regierung eng Oplëschtung vun de betreffende Gemengen zur Verfügung stellen, mat der jeeweileger Zomm, déi erhuewe gëtt, an dem Datum vun der Aféierung vun der Tax?

Kann d'Regierung fir déi lescht dräi ofgeschlosse Budgetsjoren eng Oplëschtung vun de Recetten aus der "taxe de séjour" no Gemeng zur Verfügung stellen an uginn, wéi en Undeel dovun effektiv fir touristesch Infrastrukturen, d'Förderung vum Tourismus oder aner tourismusbezunnen Zwecker agesat gouf?

Am Follgenden eng Oplëschtung vun de Lëtzebuerger Gemengen, déi eng "taxe de séjour" erhiewen souwéi eng Oplëschtung vun de Recetten aus der "taxe de séjour".

Taxe de séjour			Recettes perçues		
Communes	Date d'entrée en vigueur	Montant	Compte 2023	Compte 2024	Compte 2025
Berdorf	01/04/2026	1,50 EUR/personne/nuitée 365 EUR/emplacement /année/campeurs permanents	- €	- €	- €
Echternach	28/03/2022	1 EUR/personne/nuitée	- €	- €	- €
Ell	01/07/2008	1 EUR/chambre/nuitée	- €	- €	- €
Esch/Alzette	01/06/2018	2 EUR/chambre/nuitée (chambres et appartements dans les hôtels, auberges,pensions de famille ou établissements similaires) 3% des montants hTVA facturés pour la location (auberges de jeunesse, campings et établissements similaires)	151 523.73€	152 007.00€	159 948.03€
Luxembourg	13/05/2014	3% des montants hTVA facturés pour la location	3 142 945.27€	3 347 624.10€	3 604 260.97€
Mamer	01/07/2019	3% des montants facturés pour la location	39.67€	- €	- €
Reckange-sur-Mess	01/07/2025	3,50 EUR/chambre/unité de logement et par nuitée	- €	- €	61 407.00€
Roeser	25/06/2004	3% des montants facturés pour la location	116 001.37€	115 168.42€	108 794.87€
Useldange	01/03/2019	1 EUR/personne/nuitée	2 518.00€	2 395.00€	2 046.00€
Vianden	01/01/2023	2 EUR/personne/nuitée 1 EUR/emplacement camping/nuitée	105 864.62€	122 334.00€	pas encore parvenu
Waldbillig	01/05/2026	1,50 EUR/personne/nuitée 365 EUR/emplacement /année/campeurs permanents	- €	- €	- €

5. Dierfen d'Gemengen d'Recetten aus der "taxe de séjour" fir allgemeng kommunal Ausgabe benotzen, oder besteet eng gesetzlech Verflichtung, fir dës Mëttelen ausschliisslech fir tourismusbezunnen Zwecker anzesetzen?

Et handelt sech bei der „taxe de séjour“ ëm eng Steier, duerfir steet et de Gemengen fräi, ob si dës Recettë fir déi allgemeng kommunal Ausgabe benotzen oder fir tourismusbezunnen Zwecker.

6. Ass d'Regierung bereet, de gesetzleche Kader ze iwwerpréiwen, fir de Betriber d'Méiglechkeet ze ginn, fir d'“taxe de séjour", esou wéi och am Ausland üblech, separat op der Rechnung auszeweisen, amplaz se am Gesamtpräis (TTC) ze integréieren?

Et ass net geplangt de gesetzleche Kader ze iwwerschaffen fir d'“taxe de séjour" op Rechnungen separat auszeweisen.

Froen 7. an 8.
Ass d’Regierung der Meenung, datt déi aktuell "taxe de séjour" d’Kompetitivitéit vum Tourismusstanduert Lëtzebuerg éischter stäerkt oder schwächt?
Ass d’Regierung bereet, eng Harmoniséierung oder eventuell d'Ofschafe vun dësen Taxen ze envisagéieren, fir esou den Horeca-Secteur ze ënnerstëtzen an d’Attraktivitéit vu Lëtzebuerg ze stäerken?

De Prinzip vun der kommunaler Autonomie garantéiert de Gemengen d'Kompetenz, onofhängeg ze entscheeden, ob si eng „taxe de séjour“ op hirem Territoire aféiere wëllen oder net, an falls jo, d'Modalitéite dovunner festzeleeën. D'Regierung hëlt déi entspriechend Entscheedungen vun de

Gemengen zur Kenntnis. Well d'"taxe de séjour" an de Kompetenzberäich vun de Gemenge fält, ass net geplangt, de reglementaresche Kader fir dës Steier op nationalem Niveau ze harmoniséieren.

Lëtzebuerg, den 25. August 2026
De Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus,
(s.) Lex Delles